Feierdeeg



Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

2020 ass ee Joer wat mir soubal net vergiessen. D'Gemeng Mäerzeg konnt den 12. Mäerz nach esou just déi grouss a gutt besichten Informatiounsversammlung zum neie Bebauungsplang (PAG) ofhalen, no der Saisine an dem positive Vote vum Gemengerot de 27. Februar 2020. Zënter hier ass näischt méi wéi virdrun. D'Situatioun ass a bleift ganz eescht. Et ass eng Stresssituatioun fir jidderee vun eis an et hätt een et endlech gären hannert sech. Keng Festivitéiten, kee Veräinsliewen, ageschränkte bis guer keng Veräinsaktivitéiten, keng Seniorefeier, kee Chrëschtmaart, keng Neijoerschreceptioun 2021. Déi mënschlech Kontakter an d'Gesellegkeet feelen an de Réckbléck op 2020 kann nëmmen traureg ausfalen.

Mir däerfen awer net opginn a weider eisen Deel dozou bäidroe fir d'Situatioun an de Grëff ze kréien. Et ass weiderhin eng kollektiv Responsabilitéit fir d'sozial Kontakter maximal ze reduzéieren. D'Personal an de Spideeler schafft um Limitt. Si hunn eis Dankbarkeet, eise Respekt an eis Solidaritéit verdéngt. Kommt mir maachen dofir all nach d'Efforten an halen eis un d'Consignë fir eis géigesäiteg ze beschützen a fir z'evitéieren dass eise Gesondheetssystem zesummebrécht. Maacht dat wat néideg ass a probéiert op dat ze verzichten, wat net néideg ass. Et geet ëm lech, et geet ëm eis, et geet

D'Gemeng Mäerzeg huet trotz den Ëmstänn sou gutt et geet weidergeschafft. De Chantier vun der inklusiver Renovatioun vum Gemengenhaus huet just ee klenge Retard kritt. Ouschteren 2022 ass ee realistescht Zil fir d'Aarbechten ofzeschléissen. Den iwwerfällege Chantier vun der Rue de l'école, engem Deel vun der "Gaass" wéi och der "Gaessel" konnt wéi geplangt Enn September ufänken a leeft bis elo no Plang, bis viraussiichtlech September 2021. Wéi bei all kompletter Stroossenerneierung ass et eng schwiereg Situatioun fir d'Awunner an dësem Beräich duerch de Kaméidi an de Knascht. Zesumme mat den Entreprisen ziele mir op Äert Verständnis a freeën eis elo schonn op déi nei Strooss an déi nei Infrastrukturen.

D'Equipe vun der Regie ass och zënter Oktober nees komplett besat. De Schäfferot huet eng Reorganisatioun virgeholl a verschidde Servicer geschaf, fir esou d'Responsabilitéiten och op méi Schëlleren opzedeelen. Et gouf dëst Joer och vill a neit zäitgeméiss Aarbechtsmaterial investéiert, dorënner e neien Trakter deen der Gemeng eng méi grouss Flexibilitéit am Wanterdéngscht bitt.

Déi nei Mataarbechter am Sekretariat a Service technique hu sech a kuerzer Zäit exemplaresch ageschafft a sinn eng grouss Stäip fir déi vill Erausfuerderungen ze meeschteren. Eng zousätzlech Belaaschtung fir déi meescht sinach nieft der Aarbecht Coursen ze suivéieren an Examen ze schreiwen. Mir wënschen do weiderhi vill Ausdauer a "Bonne chance!"

D'Online-Offer gëtt weider konsequent ausgebaut. D'sozial Medie spillen do eng ëmmer méi grouss Roll. D'App "Mertzig" fir Android & iOS Smartphones ass disponibel an z.B. ganz nëtzlech am Kader vun der SIDEC-Reform mat Push-Noriichte fir d'Offallkollekt. Natierlech informéiert d'Gemeng och weiderhin iwwert Pabeier an de Gemengebuet "Martiaco" dokumentéiert ausféierlech iwwert d'Politik an d'Liewen an der Gemeng.

Nieft de ville lafende Projeten hu mir och d'Freed fir lech iwwert dës gutt Noriichten aus de leschte Wochen z'informéieren. De Gemengerot huet rezent eestëmmeg de Compromis de vente ugeholl deen de Schäfferot mat der Madamm Anny Gilson ënnerschriwwen huet: d'Gemeng Mäerzeg gëtt Proprietär vum "Turelbaacher Schlass" an huet sech engagéiert fir dëse Site der Allgemengheet zougänglech ze maachen an ënnert anerem d'Wierk vum Pol Gilson ze honoréieren.

Mir gedenken all de Mäerzeger déi eis déi lescht Méint verlooss hunn a sinn a Gedanke bei de Famillen an Trauer. Traureg Ëmstänn hunn erginn dass d'Gemeng séier huet missten handele betreffend d'Neigestaltung vum Parking hannert der Gemeng. Déi ganz Plaz hannert dem Gemengenhaus gëtt nom Nikki Besch genannt, nodeems de Nikki eis am Fréijoer dëst Joer onerwaart verlooss huet, a nodeems de Gemengerot dem Kaf vu sengem Haus zougestëmmt huet. Fir de Parking méi iwwersiichtlech a sécher ze gestalte gëtt d'Haus ofgerappt. Duerch de Numm vun der Plaz setze mir dem Nikki Besch, ënnert anerem wärend 84 Joer engagéierte Sänger an der "Chorale Ste Cécile Mäerzeg", een Denkmal. Dëse Chantier ass och fir 2021 virgesinn a kann da parallel mam Chantier vun der Gemeng 2022 ofgeschloss ginn.

Am Bësch "Säitert" kritt Mäerzeg e Bëschkierfecht. De Projet ass approuvéiert a gëtt 2021 realiséiert. Donieft huet de Gemengerot d'Prozedur lancéiert fir eng gréisser Zon vum Bësch als « Natura 2000 » Schutzgebitt ze klasséiere wou dann och een didaktesche Léierpad ausgeschafft gëtt.

Fir ofzeschléissen ass d'Gemeng frou lech matzedeelen dass duerch d'Efforten an de leschte Méint Mäerzeg de Gold-Klimapakt-Audit gepackt huet. Esou si mir als 1. Gemeng zu Lëtzebuerg als « Gemeinwohl-Ökonomie-Gemeng » zertifiéiert ginn, nodeems och do Ufank Dezember den Audit stattfonnt huet. De Leader-Projet #Mertzig4all konnt domat ofgeschloss ginn, an awer geet d'Aarbecht elo réischt un. Bei allem wat mir maache sti Wäerter am Mëttelpunkt: Mënschewierd, Gläichbehandlung, Solidaritéit, sozial Gerechtegkeet a Kohesioun, ökologesch Nohaltegkeet, demokratesch Matbestëmmung. De Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohl-Ökonomie hëlleft eis d'Aarbechten an d'Efforter z'analyséieren, ze hannerfroen an ze kanaliséieren iwwert d'Instrument vun der Wäertematrix.

An der nächster Editioun vum "Martiaco" komme mir ausféierlech op all dës Neiegkeeten zréck. Bis dohinner wënscht de Schäffen- a Gemengerot, wéi och d'Personal vun der Mäerzeger Gemeng lech all schéi Feierdeeg an ee gudde Start an d'Joer 2021. Bleift gesond, hëlleft een deem aneren, weist Solidaritéit a Respekt. Den Zesummenhalt ass wichteg an der Zäit wou mir liewen.



Buergermeeschter

Stefano D'AGOSTINO

Schäffen



Isabelle ELSEN-CONZEMIUS

Fernando FERREIRA

Conseiller



Amaro GARCIA Conseiller





Mady BORMANN-WEBER Conseiller



Conseiller





22, rue Principale L-9168 Mertzig T 83 82 44-1 F 83 82 44-300 commune@mertzig.lu www.mertzig.lu

GEMENG MÄERZEG












GEMENG MÄERZEG



Chères concitoyennes, chers concitoyens,

L'année 2020 ne sera pas aussitôt oubliée. La Commune de Mertzig avait pu organiser de justesse la grande réunion publique sur le projet d'aménagement général (PAG) le 12 mars 2020, suite à la saisine et au vote positif du Conseil communal en date du 27 février 2020. Ensuite, tout a basculé et la situation reste toujours alarmante. Nous sommes dans une phase critique permanente et nous souhaitons tous de voir enfin le bout du tunnel. Il n'y aura pas de festivités, pas de vie associative, aucune activité et s'il y en a, celles-ci sont restreintes, pas de Fête des seniors, pas de Marché de Noël, pas de Réception de Nouvel An 2021. Les contacts humains et sociaux nous manquent et le regard rétrospectif sur l'année 2020 ne peut être que triste.

Cependant, nous ne devons pas baisser les bras, mais plutôt continuer à faire les efforts nécessaires afin d'éviter que la situation ne s'aggrave. C'est notre responsabilité collective de minimiser les contacts sociaux. Le personnel hospitalier travaille à la limite de ses capacités et mérite notre gratitude, notre respect et notre solidarité. Faisons donc tous des efforts supplémentaires et appliquons les consignes pour nous protéger nous-mêmes, et surtout les uns et les autres, afin d'empêcher que le système hospitalier ne s'effondre. Faites ce qui est indispensable et essayez d'éviter ce qui n'est pas essentiel. Tout un chacun est concerné.

Malgré les circonstances, les travaux et les projets de la Commune ont bien avancé. Le chantier de la rénovation inclusive de la Mairie n'a été que légèrement retardé. Pâques 2022 est un objectif réaliste pour terminer les travaux. Le chantier de la Rue de l'école, d'une partie de la « Gaass » ainsi que de la Rue Gaessel a commencé comme prévu fin septembre, en vue d'être achevé en principe d'ici septembre 2021. Comme pour tout réaménagement d'une rue, la situation pour les habitants de ce quartier est difficile en raison du bruit et de la saleté liés aux travaux. Ensemble avec les entreprises, nous comptons sur votre compréhension et nous nous réjouissons dès à présent de voir la rue et les infrastructures renouvelées.

La Régie communale a été renforcée grâce au recrutement de nouveaux. Le Collège échevinal a élaboré un organigramme avec la création de plusieurs services afin de mieux répartir la responsabilité. Nous avons investi dans du nouveau matériel de travail, dont un tracteur qui permet d'avoir une plus grande flexibilité dans l'organisation du service hivernal.

Les nouveaux fonctionnaires au sein du Secrétariat et du Service technique se sont investis de façon exemplaire dans l'accomplissement des nouvelles tâches qui leur incombent. Un défi supplémentaire concerne le suivi des cours de formation et le passage des examens pour certains d'entre eux. Nous leur souhaitons la persévérance nécessaire et « Bonne chance! ».

Les démarches administratives en ligne ne cesseront d'être étendues. Les médias sociaux jouent dans ce contexte un rôle de plus en plus important. L'application « Mertzig » pour smartphones Android et iOS est disponible et notamment très utile dans le cadre de la réforme SIDEC avec des notifications automatiques pour la collecte des déchets. Bien entendu, la Commune continue de vous informer également sur papier et le bulletin communal « Martiaco » qui illustre de façon détaillée la vie politique et associative à Mertzig.

À côté des nombreux projets en cours, nous avons le plaisir de vous communiquer quelques bonnes nouvelles. Le Conseil communal a récemment approuvé à l'unanimité le compromis de vente signé entre le Collège des Bourgmestre et Échevins et Mme Anny Gilson: la Commune de Mertzig devient ainsi propriétaire du « Château de Turelbaach » avec toutes ses dépendances et s'engage à entretenir et développer le site dans un esprit d'intérêt public en créant, entre autres, un lieu de mémoire honorant l'œuvre architecturale et artistique de Monsieur Pol Gilson.

Nous pensons à tous nos concitoyens qui nous ont quitté ces derniers mois et nous exprimons nos sincères condoléances aux familles en deuil. Une circonstance triste a conduit la Commune à devoir agir rapidement en ce qui concerne la refonte et le réaménagement du parking derrière la Mairie en chantier. Cet espace portera le nom de Nikki Besch, suite à sa disparition inattendue au printemps de cette année, et après que le Conseil communal a approuvé le compromis de vente de sa maison avec les héritiers. En vue du réaménagement et de la sécurisation du parking, la maison sera démolie. La place sera nommée en l'honneur de Nikki Besch, qui fut entre autres un chanteur engagé au sein de la « Chorale Ste Cécile Mäerzeg » pendant 84 ans. Ce chantier est également prévu pour 2021 et pourra ainsi être achevé en parallèle avec le chantier de la commune en 2022.

Un cimetière forestier sera aménagé dans la forêt « Säitert ». Le projet a été approuvé et sera achevé en 2021. En outre, le Conseil communal a entamé la procédure de classification en zone protégée « Natura 2000 » d'une partie de la même forêt avec l'élaboration d'un parcours didactique.

Enfin, la Commune se réjouit de pouvoir annoncer qu'en raison des efforts considérables menés au cours des derniers mois, elle a été certifiée en or dans le cadre du Pacte climat. Par ailleurs, Mertzig est la 1^{re} commune au Grand-Duché qui s'est vue attribuer la certification de « Commune de l'Économie pour le Bien commun », après avoir réussi l'audit y relatif. Ce fut en même temps l'étape finale du projet Leader #Mertzig4all, tout en sachant que l'aventure va se poursuivre. Au cœur de nos actions et projets politiques, des valeurs nous guident : la dignité humaine, l'égalité de traitement, la solidarité, la justice et la cohésion sociales, la durabilité écologique, la participation citoyenne et la démocratie. Le modèle économique de l'Économie pour le Bien commun nous aide à analyser, à remettre en question et à canaliser le travail et les efforts grâce à l'instrument de la matrice des valeurs.

Dans la prochaine édition du « Martiaco », nous reviendrons en détail sur toutes ces nouvelles. D'ici là, le Bourgmestre, les Échevins, les Conseillers communaux ainsi que tous les collaborateurs de la Commune de Mertzig vous souhaitent un joyeux Noël et une heureuse année 2021. Restez en bonne santé, entraidez-vous, faites preuve de solidarité et de respect. La cohésion est importante en cette période difficile.



Bourgmestre

Stefano D'AGOSTINO



Isabelle ELSEN-CONZEMIUS

Fernando FERREIRA

Conseiller



Amaro GARCIA Conseiller





Mady BORMANN-WEBER Conseillère









22, rue Principale L-9168 Mertzig T 83 82 44-1 F 83 82 44-300 commune@mertzig.lu www.mertzig.lu

. GEMENG MÄERZEG











